

D'Mënschen an Déierekierpere gestach

Dem Michel Rodange säin „Renert“ an der „Schungfabrik“ zu Téiteng

KÄL

Dem Michel Rodange säin an der zweeter Halschent vum 19. Joerhonnert geschriwwenen „Renert“ geet esou un: „Et wor esou ëm d' Päischten - 't stong alles an der Bléi“. Et ass dat bekanntste Wierk aus der Lëtzebuenger Literatur, zwar nom Goethe sengem „Reinecke Fuchs“ gedicht, awer mat enger schaarfer Analyse vun de Lëtzebuenger Zoustänn aus der deemoleger Zäit.

Hunn déi sech da bis haut geännert? Natierlech geet et de Leit elo besser, mee eis Gesellschaft ass weiderhin „e Sak voll Kriipen“ bliwwen, wou déi iewescht déi ënnescht erdrécken.

Anerer kruten d'Auszechnungen an d'Medaillen, de Michel Rodange ass Zäit senges Liewes eidel ausgaangen, obwuel oder grad well hien deen esou schaarfen Epos iwwert säi Land a seng Leit geschriwwen hat.

A wéi ass et haut?

E Land, dat elo esou kënschtlech räich ass, wou lénks a riets potemkinesch Dierfer entstinn, Vandalen historesch Gebaier ewechrappen, Loyeren an de Kaf vun Haiser net méi ze bezuele sinn, eis Kompatrioten an d'Grenzregioune verdriwwe gi vun der Geldgier, déi kee Fonke Schimt ze kenne schéngt. Banken, néierens ginn et der esou vill wéi hei, erpressen de Staat a seng Bierger an all Keeser, dee plakeg, wéi an der Seeche vum Hans Christian Andersen, deen ee vläicht den Dänen hire Michel Rodange nenne kann, duerch d'Stroosse geet, kritt novejaut, wéi schéi säi Gezei dach ass ... well keen esou kéng ass dat ze soen, wat ë gesäit, oder net gesäit ... „deen ass jo plakeg“ rífft hanneno e Kand, wat dorops vu sengem fäerterege Papp eng op de Bak kritt.

De Michel Rodange war ee vun deene couragéierte Lëtzebuenger am 19. Joerhonnert, hien huet (wéi de La Fontaine) d'Mënschen an Déierekierpere gestach, an do kann een am beschten an neutralsten hir wierklech Ambitiounen erkennen.

„De Renert“ ass e schaarfen a witzegen Text. Den Acteur, Regisseur an Auteur Jean-Paul Maes, deem seng Theatertexter



Den Acteur, Regisseur an Auteur Jean-Paul Maes

Foto: Gemeng Käl

zënter iwwer 20 Joer der Gesellschaft e Spigel virhalen, spillt dësen Text an all senge Rollen. Den André Mergenthaler, deen, grad esou wéi den Textinterpret zënter där nammlecher Zäit, an enger permanenter Innovatioun d'Musek hei am Land an iwwert d'Grenzen nei interpretéiert, ënnermoolt deen aussergewéinlechen Owend musikalesch.

De Renert, de Fuuss am Frack an a Maansgréisst vum Michel Rodange gëtt den 8., 13. a 15. November am Centre culturel Schungfabrik zu Téiteng gespillt. Ufank: 20.00.

Ticket: 15 Euro.

Plaze kann ee reservéieren op www.luxembourg-ticket.lu, Tel. 47 08 95-1, méindes bis freides vun 10.00 bis 18.30 oder op courriel ticket@pt.lu

LJ